



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Minister fir Immigratioun an Asyl op d'parlamentaresch Ufro N°8267 vum
28. August 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

1. Ginn d'Öffnungszäiten vun der Direction de l'Immigration dann op Nomëttes erweidert, fir bescht méiglech ze verhënneren, dass d'Leit op der Strooss musse schlofen? Wäert eng Permanence de Weekend geschafe ginn?

Nee, fir de Moment ass net virgesinn d'Öffnungszäiten vun der Immigratiouns-Direktioun ze erweideren, well dat aus organisatoreschen Grënn net méiglech ass. D'Prozedur fir eng Demande op internationale Schutz opzemaachen dauert e puer Stonnen esou dass et net méiglech ass eréischt am Nomëtten domat unzefänken. Am deem Kontext wäert keng Permanence de Weekend geschaf ginn.

2. An der Erklärung vum Ministère heescht et laut 100,7:

"Zu de Grënn, firwat d'Reegele fir den Accès an de Centre de primo-Accueil geännert goufen, sot de Ministère eis, datt festgestallt gi wier, datt 30 Prozent vun de Leit, déi an de CPA koumen, duerno guer keng Demande fir Protektioun gemaach hätten oder verschwonne wieren."

1. Wéi vill Prozent maachen keng Demande?

Wéi et an der Erklärung vum Aussen- a Europaministère un den Radio 100,7 schonn erwähnt gouf, ass festgestallt ginn, dass 30 Prozent vun de Leit, déi an de Centre de primo-accueil um Kierchbiert koumen, duerno keng Demande fir internationalen oder temporäre Schutz bei der Immigratiouns-Direktioun gemaach hunn.

2. Wat ass fir de Ministère den Delai ab deem een seet, dass eng Persoun keng Demande gemaach huet nodeems se am Centre ukomm ass? Wat gëtt am deem Fall gemaach, fir d'Leit opzeklären, dass se eng Demande musse maachen?

Ier d'Reegele vir den Accès an de Centre de primo-accueil um Kierchbiert geännert goufen, sinn all d'Leit déi do ukoumen a logéiert goufen, encouragéiert ginn fir sech den nächsten Aarbechtsdag op d'Immigratiouns-Direktioun presentéieren ze goen, fir do seng Demande fir internationalen oder temporäre Schutz ze déposieren. Wann déi gesote Persoun net den nächsten Aarbechtsdag op der Immigratiouns-Direktioun virstelleg gouf, gouf si als Persoun déi keng Demande gemaach huet considéiert.

3. Goufen d'Leit dann no enger gewëssener Zäit aus dem Centre ausgeschloss wann se keng Demande stellen? Wa jo, wat war den Delai?

Ee formellen Délai gouf et net. All Situatioun ass individuell behandelt ginn, am Respekt vun der Persoun an hiren eventuelle spezielle Besoinen. Déi Persounen, déi net op der Immigratiouns-Direktioun virstelleg goufe, goufen individuell vun de responsabelen Equippen sur place opgekläert. Et gouf hinnen erklärt, dass e Passage op der Immigratiouns-Direktioun noutwenneg ass vir kënnen weiderhin am Centre de primo-accueil um Kierchbierg logéiert ze ginn.

4. Wéi vill Prozent si verschwonnen?

Cf. Fro 2.1

3. Ginn d'Leit iwwert d'Iwwernuechtungsstrukturen fir Sans-abrisen opgekläert, wann se net an den Centre eragelooss ginn?

Persounen, déi nach keng Demande bei der Immigratiouns-Direktioun agereecht hunn, ginn iwwer aner Iwwernuechtungsstrukturen informéiert, déi hinnen an dësem Fall zur Verfügung stinn. Vulnérabel Persounen wéi zum Beispill Famillje mat mannerjäreg Kanner hu weiderhin Accès zum Centre de primo-accueil, och ouni virdrun eng Demande agereecht ze hunn. Kanner déi eleng ennerwee sinn, sinn net vun dësem Changement betraff a ginn och weiderhin an enger spezialisierter Struktur opgeholl.

4. Weess de Ministère wat mat deenen 78 Leit geschitt ass, déi an deene leschten 2 Wochen ofgewisse gi sinn?

Den Aussen- an Europaministère hält keng perséinlech Donnéeë vu Persounen ob, déi nach keng Demande bei der Immigratiouns-Direktioun agereecht hunn.

Lëtzebuerg, den 26. September 2023

Minister fir Immigratioun an Asyl
(s.) Jean Asselborn